adr:
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Här Mars Di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
17 NOV. 2017
3461

Lëtzebuerg, den 17. November 2017

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Justizminister weiderzeleeden.

Am 5. Rapport vun der ECRI (Commission européenne contre le racisme et l'intolérance vum Conseil de l'Europe) iwwer Lëtzebuerg, deen den 28. Februar 2017 publizéiert gouf, felicitéiert dee Gremium op e puer Plazen déi lëtzebuergesch Justiz fir eng wäit Interpretatioun (« interprétation large ») vum Strofrecht. Ech zitéieren dës Passagen:

« Les tribunaux interprètent les dispositions sur l'incitation à la haine d'une manière large et répriment ainsi également les injures et diffamations racistes. » (Säit 9)
« En même temps, l'ECRI constate avec satisfaction que les tribunaux interprètent les dispositions sur l'incitation à la haine d'une manière large. » (Säit 11)

Am «*Point de vue du Gouvernement du Luxembourg sur le cinquième rapport de l'ECRI sur le Luxembourg* » deen d'Regierung gefrot huet fir un dee Rapport ze annexéieren, hëlt si net zu deenen zitéierten Aussoe vum ECRI Stellung.

Et ass e Grondprinzip am Rechtswiesen, datt de *"Principe de légalité en droit penal"* bewierkt, datt een nëmme kann opgrond vun engem präzisen a kloren Text veruerteelt ginn. Dëst geet zréck op de Rechtsprinzip « Nullum crimen sine lege ». Dës onverzichtbar Präzisioun gëtt dem Rechtswiesen eng gewëssе Previsibilitéit an och eng Rechtssécherheet. Aus dëser Rechtsopfaassung erginn sech och d'Prinzipie vun der Net-Réckwierkung an der Noutwendegkeet vun enger enker Interpretatioun (interprétation stricte) vum Strofrecht.
Am franséischen Droit heescht et dowéinst am Artikel 111-4 vum "Code pénal": « La loi pénale est d'interprétation stricte ». Dat selwecht ass och zu Lëtzebuerg en allgemeng unerkannte Prinzip, op deen sech jo och a wichtegen, internationale Konventioune referéiert gëtt.

Dowéinst wollt ech den Här Justizminister froen:

1. Ass den Här Minister der Meenung, datt d'Strofrecht op eng strikt Manéier ze interpretéieren ass?

2. Ass den Här Minister der Meenung, datt de "Principe de légalité en droit pénal" e wichtege Rechtsgrondsaz ass?
3. Wéi wëll den Här Minister am Kader vu senge politesche Responsabilitéiten zu der Promotioun vun der Zouverlässegkeet, der Previsibilitéit an der Rechtssécherheet am Beräich vum Strofrecht bäidroen?
4. Wéi beuerteelt den Här Minister déi méi uewen zitéiert Aussoe vum ECRI iwwer d'Praxis vun de Lëtzebuerger Geriichter, déi op eng wäit Interpretatioun vum Strofrecht hindeiten?

Mat déiwem Respekt

Fernand Kartheiser

Deputéierten